N°1677
Entrée le 21.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°1677 vum 18. Dezember 2024 vun der honorabeler Deputéiert Diane Adehm**

Wéi aus den Äntwerten op d'parlamentaresch Fro n°425 vum 22. Abréll 2024 an op d'parlamentaresch Fro n°1472 vum 6. November 2024 ervir geet, leien der Regierung keng Zuelen iwwert d'Maartundeeler vun de Banke respektiv den Assurancëgesellschaften am Beräich vun de Garantie d'achèvement fir VEFA-Projete vir. D'Reegele vum europäesche Bannemaart erlaben et net-Lëtzebuerger Banken an Assurancëgesellschaften ënnert gewësse Konditiounen zu Lëtzebuerg aktiv ze sinn, e.a. och fir Garanties financières d'achèvement fir de Lëtzebuerger VEFA-Marché ze verdreiwen.

Den Artikel 1601-5 vum Code civil an d'groussherzoglecht Reglement vum 24. Februar 1977 schreiwe vir, wéi eng Konditiounen eng Garantie d'achèvement erfëlle muss. Dës Konditioune solle sécher stellen, dass de Keefer bei enger *Vente en futur état d'achèvement* wäitméiglechst geschützt ass.

Et sief och drop higewisen, dass den Artikel 4 vum groussherzogleche Reglement vun 1977 et dem Verkeefer oder dem Garant erlaabt d'Garantie d'achèvement an eng Garantie de remboursement ëmzewandelen, falls dëst am Kontrakt virgesinn ass. Dësen Artikel präziséiert, dass esou eng Ëmwandlung dem Keefer och muss matgedeelt ginn.

Méi allgemeng muss all VEFA duerch een Acte authentique, spréch virun engem Notär, vollzu gi fir dem Keefer eng zousätzlech Sécherheet ze ginn.

D'Regierung huet sech am Regierungsaccord engagéiert d'Gesetzgebung am Beräich vun de Garanties d'achèvement ze analyséieren a wann néideg den aktuelle Kader unzepassen. Déi vun der Deputéierten opgeworfe Froe wäerten an deem Kontext och gekuckt ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2025

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth